# MORTS POUR LA PATRIE



*POLY SCHUMACHER*
*Walfer*
*gefall zu Hnidawa*
*den 1. März 1944*



*MARCEL CLEMENS*
*Walfer*
*gefall bei Ujeduik*
*den 20. Februar 1944*



*RENÉ GRAUL*
*Letzeburg*
*gefall a Russland*



*HENRI HOFFMANN*
*Walfer*
*gefall a Russland*
*den 27. November 1943*



*JACQUES LAFARGUE*
*Sandweiler*
*gefall a Russland*
*den 12. Sept. 1943*



*RENÉ GANSEN*
*Sandweiler*
*gefall a Russland*
*den 17. Juli 1943*



*BERNARD NESEN*
*Walfer*
*gestuerwen*
*den 13. März 1944*



*CHAREL MEYER*
*Sandweiler*
*gefall a Russland*
*den 28. Juni 1943*



*RENÉ WEBER*
*Sandweiler*
*gefall a Russland*
*den 26. Sept. 1943*



*ARTHUR MULLER*
*Sandweiler*
*gefall a Russland*
*de 5. Februar 1944*



*LÉON SCHLECK*
*Sandweiler*
*gefall an Norwegen*
*den 25. Juni 1943*



*TONY GARDULA*
*Sandweiler*
*gefall an Italien*
*den 22. Juli 1944*



*EMIL FAH*
*Sandweiler*
*gefall a Russland*
*den 1. August 1944*

# SERVICE DE RECHERCHES

## *pour prisonniers de guerre et personnes déplacées*

(autorisé par le Commissariat au Rapatriement)

Am Averständnes matt der Mission Militaire dem Rapatriement an der Elternassociatio'n huet d'Ligue „Ons Jongen" e Service de Recherches fir sämtlech nach net rapatrie'ert Perso'nen agerîcht.

Den Zweck vun desem Service ass fir Renseignementer anzehe'hen iwer all nach net rapatrie'ert Perso'nen, an dann de Familjen vun dêne betreffenden Perso'nen Opschloss iwer d'Schicksal vun hire Kanner resp. Ugehe'eregen ze gin.

Op wat fir eng Mane'er gi nun des Recherchen önnerholl, an we' fonctionne'ert de Service?

Et go'f e Froebo' ausgeschafft, dên u sämtlech rapatrie'ert Perso'ne verschéckt get. Zo' dém Zweck hu misse ronn 10.000 Adressen aus der Kartei vum Rapatriement erausgeschriwe gin. An dênen e'schten Dégen gin des Froebe' verschéckt, a mir appelle'eren elo schons un de gudde Wöllen vun alle Leiden, ons des Froebe' eso' schnell an eso' gewössenhaft ewe' me'glech nés anzeschécken. An dém Froebo' sollen ons sämtlech Nouvellen opgeschriwe gin, de' de' Rapatrie'ert iwer nach net rapatrie'ert Letzeburger wössen.

We' immens wichteg grad dese Froebo' ass, konnte mer schons bei dênen e'schten ausgefôllte Froebe' feststellen. Mir sin haut an der Lag, Nouvellen iwer Komeroden mattzedêlen de' zenter dem August 44 neischt me' vun sech he'ere gelôss hun. Gudd Nouvellen, mais och leider vill traureger. Och Irrtömer konnten opgeklärt gin iwer Jongen, de' als gefall a vermösst erklärt woren, an wo' et sech dann erausgestallt huet, datt si an engem russeschen Gefângenelager woren oder nach sin.

Fir d'Recherchen op de' intensivst Mane'er bedreiwen ze können, huet missen eng complett Kartei matt dênen leschte Nouvellen iwer all nach net rapatrie'ert Perso'n opgestallt gin. A Verbindong domatt hu mer eng Photokartei agerîcht. Vu wat fir enger Wichtegkét grad d'Photokartei ass huet sech bewisen bei Retour vun dém e'schte Convoi Russland-Jongen. De' méscht vun dêne Jongen konnten onme'glech de' puer honnert Nimm vun alle Komeroden behalen, de' matt hinnen zesummen am Gefângenelager woren. Si können durfir onme'glech oder dach nuren durch Zo'fall, den Elteren vun anere Komeroden eng Nouvell zo'komme lôssen. Op Photoen erkennen si se doge'nt eröm, dann ass de Numm och schnell festgestallt, an d'Elteren können prévene'ert gin.

Mais net genug matt dêne Recherchen an onsem égene Land; mir versichen och fir durch Opriff an auslänneschen Zeidongen an Radiosendern Nouvellen iwer Letzeburger ze kre'en. Speziell hu mer un deitsch, franse'sch, belsch, hollännesch, e'streichesch an tschechoslowakesch Zeidonge geduecht, an de' e'scht Schrött sin önnerholl fir dese Plang ze verwirklechen.

Och an de Gefângenelager vun de Gielemännercher, de' am September 1944 „Heim ins Reich" gongen, kre'e mer vill Nouvellen, allerdéngs ass bei dênen donnéen Virsicht gebueden.

Onse Büro ass seit 8 Dég an d'Casinostrôss Nr. 12 verluegt (Tel. 63-59).

De' ganz Aktio'n ass onbedéngt erfuerdert fir de' Letzeburger, de' vun de Preisen verschléft go'fen nés opzefannen an hém ze brengen. Mir wöllen och dên ongeheiere Misär lönderen, dên durch de' schrecklech Ongewösshét iwer dausende vu letzeburger Familjen leit, andém datt mer de Familjen Nouvellen iwer hir Kanner zo'komme lôssen. Ons Parol ass: Höllefen an ömmer nuren höllefen. An zo' dém zweck soll ons neischt ze schwe'er sin. Mir sin iwerzégt, datt durch en intimst Zesummeschaffen matt dem Commissariat au Rapatriement, der Mission Militaire an der Elternassociatio'n, a matt dem Vertrauen, dat d'Letzeburger ons entgéngt brengen, dat errécht get, wat mer ons virgeholl hun, de Rapatriement vun onse sämtleche Komeroden, de' nach an der Friémt sin.

*D'Ligue „ONS JONGEN".*


**Abone'ert d'Zeidong**
**bei der Post**
**oder beim Bre'fdre'er**


# *Sôt ons wo'se sin*

NILLES René, Feldpostnummer 15042 c, vermösst den 23. 9. 43 Mëttel-Ofschnëtt, Russland, wahrscheinlech Seradina-Buda. — Familie Nilles-Balance, Rue d'Obercorn 113, Obercorn.

GREISCHER Charles, Wehrmacht. — Lescht Norîcht: 10. 8. 44. F. P. N. 56366 D an der Ge'gend vu Riga (Lettland).

ENGLING Franz, Wehrmacht. Lescht Norîcht: Ufanks September 1943. F. P. N. 21874 D an der Minsfront (Südrussland).

HARY Mathias, Wehrmacht. F. P. N. 42027 B. Ufanks Oktober 1944 an Litauen.

JOST Emil, R. A. D., Wehrmacht. — Lescht Norîcht R. A. D.-Abtlg. Döhrings-Schippenbeil (Ostpreisen).

FRISCH Louis, vermisst den 6. September 1943 bei Linkiw (Russland). Nouvellen un: Josy Jung, Sekretär vun der Ligue „Ons Jongen", Waldbëlleg.

Wién vun den Tambower Jongen kann Norîcht gin iwer den Nicolas SCHINTGEN, gebueren zu Bartreng, den 6. 5. 22. De' lescht Norîcht hu mir kritt, den 30. octgber 1943 vu Kiew. — Schintgen-Hoffmann, Letzeburger Strôss 49, Béteburg.

Wien vun den Tambower Jongen huet zo' Namür an der Gare engem belschen Här Norîcht vum Robert MARTIN vu Gasperech gin? Fir d'lescht zo' Kyllwill. Norîcht un Fern. Martin, Gasperech, Ar. Briandstr. 18.